



OP DE PUNKT.

CSV
KÄL - TÉITENG

Abrëll 2023

QUARTIERSVISITTEN

Während de leschte Sonndegmoienter am Januar a Februar sinn eis Kandidaten an déi verschidde Quartiere vu Käl an Téiteng gaangen, fir mam Bierger ze schwätzen.

Vill Leit hunn dës Geleeënheet genotzt an eis op deen een oder anere Problem an hirem Quartier opmierksam gemaach. Eng ganz Rei Theme sinn ugeschwat ginn, wéi z.B. den neie Parkkonzept, den Energiespuerprogramm vun der Gemeng oder d'Verkéierssécherheet.

Mer haten en oppent Ouer fir jiddereen!

Wann een eng lieweg Gemeng wëllt hunn, ass den direkten Dialog mam Bierger immens wichteg.

Wann och Der Punkten hutt, déi net klappen a wou eis Gemeng resp. d'Gemengeservicer intervenéiere sollen, da kënnst Der Iech gäre bei eis mellen oder awer Äert Uleies um Site vun der Gemeng an der Rubrik REPORT-IT mellen.



MÉI NO. MÉI KÄL-TÉITENG.

Eis Kandidate fir d'Gemengewalen 2023



JEAN WEILER

62 Joer, Téiteng
Buergermeeschter
Pensionéierten Enseignant

„Net nëmme meckeren,
mä matschaffen an
Iddien afléisse loossen an
ëmsetzen.“



JOANNE BUCHETTE

43 Joer, Téiteng
Dagesmamm

„Ech engagéiere mech, well
ech a Bezuch op d'Liewen
an d'Zesummeliewen an der
Gemeng eppes veränneren an
iwwe Projeten, déi ustinn,
matschwätze wëll. Duerch
den noe Kontakt zu de
Bierger sinn ech au courant,
wat d'Leit sech an den
nächste Joren erhoffen. Sou
wäit wéi méiglech wëll ech
dat Essentielt mat ëmsetzen.“



PETZ DONVEN

57 Joer, Käl
Pensionéierten
Teamleader Schicht

„Ech engagéiere mech an
der Politik, fir eist Veräins-
an Duerfliewen ze fërderen,
fir dass d'Bierger gären
zu Käl an Téiteng liewe
wëllen.“

„Ech engagéiere mech, fir
d'lokal Politik ze fërderen.
Eis Gemeng soll hire Bierger
flott Aktivitéiten ubidden,
d'Problemer vu Seniore
sollen eescht geholl ginn
an d'Verkéisersproblematik
muss bekämpft ginn.“



JOSÉ GONÇALVES

68 Joer, Téiteng
Chef d'entreprise
(Auto Ecole Theis)

„Ech engagéiere mech an
der Politik, well ech meng
Gemeng aktiv matgestalte
wëll an et mer wichteg ass,
dass sech d'Bierger an hirer
Gemeng wuelfillen. Bedéngt
duerch mäi Beruff als
Enseignante setzen ech mech
v.a. fir d'Schoulpolitik an
d'Jugendarbecht an.“



MÉLANIE GRÜN

30 Joer, Téiteng
Enseignante am
Lycée Nic-Biever



LÉON GRYSELEYN

70 Joer, Käl
Pensionéierte Polizist

„Ech engagéiere mech an der Politik, fir eppes ze beweegen, fir Saachen ze veränneren a well ech fir meng Matmönsche wëll do sinn.“



KIM JACOB

35 Joer, Käl
Gemengenaarbechter

„Ech engagéiere mech an der Politik, fir de Bierger hir Iddien an Ureizer mat an d'Projeten afléissen ze loossen an esou d'Zesummeliewen ze fërderen.“

„Ech engagéiere mech fir eng attraktiv a liewenswäert Gemeng, woubäi d'Wuelbefanne vum Bierger an d'Verkëiersproblematik fir mech un éischer Stell stinn.“



CLAUDINE KÜNSCH-WELTER

44 Joer, Téiteng
Infirmière Responsabel
bei der Verbandskëscht

„Ech wëll der Partei a menge Parteikollegen do hëllefen, wou ech gebraucht ginn. Ech sinn zu all Moment bereet, fir si z'ënnerstëtzen an eis Gemeng esou no vir ze bréngen.“



MITA LICINA

51 Joer, Téiteng
Responsabel Service
Technique bei Mc Bride



PETZ LOMEL

58 Joer, Käl, Proprietär vum Café „Um Rond Point beim Petz“ a vum Restaurant „Op der Plaz“ zu Käl

„Ech wëll mech an der Gemeng dofir asetzen, dass d'Liewensqualitéit an eisen Uertschafte Käl an Téiteng nach besser gött. An dass d'Léit Hëllef kréien, do, wou Nout um Mann oder un der Fra ass.“



DR. MANUEL XAVIER MAURER

47 Joer, Téiteng
Kannerdokter (Cabinet Téiteng, Clinique Bohler)

„Ech engagéiere mech, fir mech an der Gemeng, wou ech säit 46 Joer wunnen, politesch anzebréngen. Duerch meng kolumbianesch Racinnen, meng zwee Kanner, déi mat Spuenesch a Lëtzebuergesch opwuessen, a mäi Beruff als Pédater si mer d'Integratioun an de Sport an doduerch och d'Gesondheet vum de Bierger immens wichteg.“

„Ech engagéiere mech an der Politik, well ech mech fir d'Leit an hir Problemer interesséieren a well ech d'Gefüll hunn, dass an der „grousser Politik“ de „klenge Mann“ ëmmer erëm vergiess gött. Dernieft sinn ech der Meenung, dass nëmme kritiséieren net duergeet, mä selwer eng Hand mat upaken zielt.“



DORIS PARRASCH-WADLÉ

55 Joer, Téiteng
Chargée de Relation
BCEE

„Ech engagéiere mech an der Politik, fir eis Kanner a Jugend staark ze maachen, fir mech fir déi eeler Leit anzesetzen a fir dass de gefuerderte Wuesstem eis an eis Heemecht net futti mécht. Ech wëll, dass jiddereen hei am Land nach laang däerf Mënsch sinn an dass eis Gemeng och an Zukunft nach liewenswäert bleibt.“



DIANE THEIN-HOFFMANN

58 Joer, Téiteng
Educatrice an enger
Crèche

GRAD ELO!

Du bass, jonk oder al, du hues (nach) net déi lëtzebuer-gesch Nationalitéit an du wunns an eiser Gemeng? Du wëlls matschwätzen, dech abrénge an een Deel vun enger lieweger an dynamescher Gemeng sinn?

Du wëlls wile goen? Dann huel deng Responsabilitéit a schreif dech bis de 17. Abrëll am „Biergerzenter“ vun der Gemeng op d'Wielerlëscht fir d'Gemengewalen 2023 an!
Och DU bass wëllkomm!

ÇA TOMBE BIEN !

Tu es jeune, vieux ou vieille, tu n'as pas (encore) la nationalité luxembourgeoise et tu es résident/e de notre commune ? Tu désires dire ton mot, tu veux t'engager et faire partie d'une commune vivante et dynamique ?

Tu veux voter ? Alors prends ta responsabilité et viens t'inscrire jusqu'au 17 avril au « Biergerzenter » de la commune sur la liste électorale pour les élections communales 2023 !
TOI aussi, tu es le bienvenu !

I CAN VOTE! NOW IS THE TIME.

You're young or old, you haven't acquired the Luxembourgish nationality (yet) and you're a member of our municipality? Do you want to make a difference and be part of a vivid and dynamic municipality?

Do you want to vote? Then take your responsibility and register as a voter for the municipal elections 2023 in our "Biergerzenter" until 17th April. **YOU are welcome, too.**

AGORA MESMO!

Se és jovem ou até mais velho, mas não Luxemburguês, e és residente na nossa câmara? Queres ter a tua palavra a dizer e participar numa câmara que vive, e que é dinâmica?

Tu você quer votar? Então toma a tua responsabilidade e inscreve-te no nosso "Biegerzenter" (Balcão da população) para as eleições municipais de 2023 até 17 de abril. **Serás bem-vindo.**

PROPRIO ADESSO!

Sei giovane, vecchio o vecchia, non hai (ancora) la nazionalità lussemburghese e abiti nel nostro municipio? Voi

partecipare alla discussione, essere attivo o attiva e fare parte di una comunità vivace e dinamica?

Vuoi votare? Quindi prendi le tue responsabilità e iscriviti fino il 17 aprile al nostro "Biergerzenter" nella lista dei votanti per le elezioni comunali 2023. **Sei il benvenuto e la benvenuta!**

TO JE DOBRO!

Jeste li mladi, stari ili stari, Luksemburžanin, ne Luksemburžanin i stanovnik naše opštine? Želite li reći svoju riječ, želite li se uključiti i biti dio žive i dinamične općine?

Zelis li da glasas? Onda budi odgovoran i upisi se do 17tog aprila na izbornu listu za komunalne izbore 2023 u «Biergerzenter» u vasioj opštini. **Nema na čemu!**



RESPONSABEL MAT DER ENERGIE ËMGOEN

Mer ginn ëmmer méi mat de Folge vum Klimawandel konfrontéiert. Dofir ass e responsablen Ëmgang mat der Energie an de Ressourcen ugesot.

Duerch den Ukrain-Krich si mer mat Liwwerengpäss konfrontéiert an hu virun Ae gehale kritt, wéi ofhängeg mer vun anere Länner an de Beräicher Energie a Ressource sinn. Als Gemeng hu mer Recommandatiounen fir Energie ze spueren eraus ginn an och selwer ëmgesat. Eng vun de Mesuren ass, nuets tëschen eng a fënnf Auer d'Stroosseluuchten auszuschalten. Doduerch hu mer Erspuernesser vun 187.000kWh/Joer, wat dem Joresverbrauch vu ronn 90 Persounen entsprécht. Laut der Police stellt dës kee Sécherheitsrisiko duer. Och Abrieche gesi manner, duerch Täscheluuchte fale si méi op a vermeiden esou Abroch-Situatiounen. D'Autoschauffere fuere méi defensiv. De Foussgänger gesäit den Auto besser an et geschéie manner Accidenter. Also eigentlech kee Grond fir sech méi onsécher ze spieren, wéi wann d'Luuchten u sinn – an et huet een dobäi eppes fir d'Ëmwelt gemaach!